

Lëtzebuerg, den 16 Februar 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberpresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden:

*„Déi lescht Jore goufe vill Efforte gemaach, fir den öffentliche Transport auszebauen a méi attraktiv ze maachen. Beim Fërdere vum öffentliche Transport dierf d’Kommunikatioun vun den Horaires awer net vergiess ginn. An deem Sënn hu verschidde Gemengen eng mobil App lancéiert, wou een nieft dem Offall - a Manifestatiounskalenner och d’Horaire vum öffentliche Transport an deene Gemenge ka consultéieren. Zum Bedauere vun de Gemengen ass et den Ament just méiglech, fir d’Bus-Horaires an dësen Appen z’integréieren. D’Zuch-Horaire kënnen net integréiert ginn, ewell d’CFL déi Donnéeën net zur Verfügung stellt.*

*An deem Kontext wëlle mir dem Här Transportminister folgend Froe stellen:*


- Ass den Här Minister der Meenung, dass d’CFL de Gemenge soll hir Donnéeën iwwert d’Zuch-Horaires zur Verfügung stellen?*
- Wann net, kann den Här Minister eis d’Grënn dofir soen?“*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt.



Max HAHN  
Deputéierten



Claude LAMBERTY  
Deputéierten